Republik – 18.04.2018

Wat ass eigentlech genee eng Republik?

Eng Republik ass traditionell gesinn de Géigendeel vun enger Monarchie. De Chef vum Staat ass also net eng Persoun, déi als Monarch gebuer gëtt. Wat eng Monarchie genau ass, kënnt dir och als Podcast ob *graffiti.lu* oder *zpb.lu* nolauschteren.

Amplaz vun engem Monarch, dee regéiert, wielen an enger Republik all Mënschen aus dem Vollek déi Leit, déi d'Land solle regéieren. Dës gewielte Staatscheffe sinn dann dem Wuel vum ganze Vollek verflicht. De Begréff kënnt aus dem laténgeschen *res publica* – *Res*: d'Saach – *Publica*: Ëffentlech.

Däitschland ass eng Republik oder méi genee eng Bundesrepublik. Dat bedeit, dass si e Land sinn, dat aus engem Zesummeschloss vun eenzele klenge Bundeslänner besteet. Wéi z.B. Bayern, Sachsen oder d'Saarland. An Däitschland gëtt et fir all déi Staaten ee gemeinsame Staatschef, de Bundespresident an eng Regierungscheffin, d'Bundeskanzlerin.

Och Frankräich ass eng Republik. Et handelt sech hei ëm e semi-presidentielle System. Dat bedeit, dass d'Vollek direkt ee President oder eng Presidentin als Staatschef oder Staatscheffin wiele. De franséische President oder d'Presidentin hëlt déi politesch Entscheedungen am Land. Regierungschef ass dann de Premierminister oder d'Premierministerin.

Eng Republik muss awer net noutgedrongen demokratesch sinn. Wann ee vum Vollek gewielte Staatschef säi Liewe laang seng Muecht behält an d'Vollek keen Afloss ob d'Politik méi hu kann, ass eng Republik ondemokratesch. Wëll Länner sech seele selwer als Diktatur bezeechnen, ass et schwéier, objektiv festzemaachen, wéi e Land net méi eng wierklech Republik ass. Verschidde Staaten, déi eigentlech eng Diktatur sinn, nenne sech selwer nämlech och Republik.

Et ass also komplizéiert. Et gëtt Republiken, déi demokratesch sinn. Zum Beispill: Indien, USA, Däitschland, Griichenland oder Portugal.

Et gëtt Demokratien, déi keng Republik sinn. Zum Beispill: Japan, Belsch oder Lëtzebuerg.

Et gëtt och Republiken, déi net demokratesch sinn, wëll et bei de Wahlen nëmmen eng Partei gëtt oder einfach keng Wahlen ofgehale ginn. Zum Beispill: D'Volleksrepublik China oder déi sougenannten Demokratesch Volleksrepublik Korea dat heescht Nordkorea.

Et gëtt och Länner, déi weder Republik, nach Demokratie sinn. Zum Beispill: Saudi-Arabien.

Et ass also net sou einfach mat eenzele politesche Begréffer. Wichteg ze verhalen ass: An enger Republik gëtt prinzipiell de President oder d'Presidentin vun der Bierger a Biergerinne gewielt. Wat d'Aufgabe vum Staatschef sinn hänkt vu Land zu Land of.